



2. Dépôt d'un projet de loi

]] Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Hâr President, de Grand-Duc huet mech autoriséiert, en neie Projet de loi iwwert d'Maison de soins an déi aner Servicer beim Haus vun der Alzheimer zu lerpeldeng ze déposéieren.

Merci.

- *Projet de loi N°6038 portant modification de la loi du 13 décembre 2004 autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes atteintes de troubles psychogériatriques à Erpeldange/Ettelbruck*

]] M. le Président.- Ech ginn der Madame Minister Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi, deen an déi parlamentaresch Prozedure geet.

Dann huet den honorabelen Hâr Mehlen d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Motioun. Hâr Mehlen, Dir hutt d'Wuert. Hâr Schaaf, gedëllegt lech nach ee Moment.



3. Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen

M. Robert Mehlen (ADR).- Hâr President, et ass och nëmme fir en Dépôt ze maachen.

Gëschter ware Baueren hei an der Stad fir hir Suerg ze manifestéieren doriwwer, datt de Mëllechpräis extrem wäit ofgesackt ass an datt dee ganze Secteur de Moment keng Perspektive gesäit - och op länger Siicht. Si sinn der Meenung, datt d'Politik soll sech kloer positionéieren, ob een do op enger liberaler Schinn soll virufueren an dat lafe loosse mam Risque, datt eng ganz Partie Betriber d'Baach erfoginn, oder ob ee soll am Kader vun der Gemeinsamer Agrarpolitik intervenéiere fir ze kucken, fir de Quote-system, dee jo awer nach en place ass, ze utiliséieren, fir de Mëllechmaat erëm e bëssen an d'Gläichgewiicht ze kréien an do-duerch och fir méi stabil Mëllechpräisser ze suergen.

Dat ass méi oder weëneger de Contenu vu menger Motioun. Ech hu se eleng ënnerschriwwen. Se ka jo ausgedeelt ginn. Ech denken, se wäert d'nächst Woch dann zur Diskussioun kommen, dann huet jiddwereen Zäit doriwwer nozedenken, ob e se wëllt ënnerstëtzen oder net.

Motion

La Chambre des Députés,

- constatant un fort déséquilibre sur le marché européen du lait, ayant pour conséquence une forte chute des prix payés aux producteurs;

- estimant qu'à l'heure actuelle aucune normalisation du marché laitier et par conséquent aucun redressement du prix au producteur n'est en vue;

- considérant que cette situation risque de mettre en péril le secteur du lait qui est l'un des piliers principaux de l'agriculture luxembourgeoise;

- estimant qu'il est aberrant de produire un surplus de lait à l'aide de soja importé, dont les conditions de production sont très souvent contraires aux critères du développement durable et de la protection de la nature, et d'exporter cette quantité surproduite à l'aide de subventions d'exportation;

- estimant que cette politique d'exportation subventionnée sur le marché mondial risque de déstabiliser davantage la situation des producteurs dans les pays tiers;

- considérant qu'il y a lieu de stabiliser le secteur laitier dans une perspective de prix agricoles justes et de développement durable;

- considérant que le régime des quotas laitiers actuellement en vigueur devrait être utilisé comme instrument de régulation de la production;

invite le Ministre de l'Agriculture

à œuvrer au niveau européen:

- à courte échéance, pour une politique de stabilisation du secteur laitier par une application plus rigide du système des quotas laitiers en place marchés;

- à longue échéance, pour la mise en place d'un système flexible de quotas permettant un monitoring de la production laitière européenne orientée aux besoins réels de la consommation.

(s.) Robert Mehlen.

]] M. le Président.- Merci, Hâr Mehlen. Mir hunn d'nächst Woch zwee Projeten um Ordre du jour betreffend d'Ënnerstëtzung vun der Landwirtschaft. Ech denken, datt dat e gudde Kader wär, fir déi Motioun hei ze diskutéieren an och ofzestëmmen.

Den honorabelen Hâr Schaaf ass Rapporteur vum Projet iwwert d'Maison de soins vu Veianen an huet deementspriedchend elo d'Wuert.



4. 5985 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Vianden

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

]] M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Hâr President, Madame Minister, Kollegeinnen a Kollegen, de virleiende Gesetzesprojet, dee mer elo diskutéieren, erlaabt et dem Stat via dem Fong vun den Infrastructures sociofamiliales sech un de Baukäschte vun enger neier Maison de soins zu Veianen ze bedeelegen.

Dës Bedeelegung geschiit am Respekt an am Kader vun den Dispositiounen vum ASFT-Gesetz an opgrond vun enger Konventioun tëschent dem Stat an dem Établissement public «Centres, foyers et services pour personnes âgées», oder besser bekannt ënnert dem Numm Servior.

Dës Konventioun ass de 6. Mee 2008 ënnerschriwwen ginn an hält e Gesamtkäschtepunkt vum Projet vun 18,2 Milliounen Euro fest. De Stat iwwerhëlt dovunner 70%. Beim aktuelle Bauindex sinn dat maximal 12.910.935,23 Euro ganz genau - virausgesat de Projet gëtt haut gestëmmt.

Mat deem Gesetzesprojet 5985, deen den 29. Januar déposéiert, den 31. Mäerz vum Statsrot aviséiert an an der Familljekommissioun diskutéiert ginn ass, gëtt d'Chamber ebe gréng Luucht fir de Finanzement vun deem neie Fleegeheem an der Stad Veianen. Dat neit Haus vun insgesamt 72 Better entsteet op engem Site vun der fréierer Aktivitéitszon vun der Firma Electrolux an der Entrée vun der Uertschaft Veianen.

Néideg ginn ass dëse Bau net direkt weinst der Noutwendegkeet, zousätzlech Better fir fleegebedürftig eeler Matbierger an der Regioun ze schafen, mä virun allem weinst der absoluter Noutwendegkeet déi aktuell Raimlechkeeten an den zwee bestehende Veianener Haiser duerch en Neibau deels direkt ze ersetzen.

De Moment huet Servior zu Veianen en Altersheim am Zentrum vun der Uertschaft. Dëst Haus mat 42 Better am alen Trinitatenklooschter erfüllt net méi an allen Zëmmeren d'Bedingunge vu Sécherheet, Komfort an och vu Gestionspraxis, déi haut néideg sinn.

Trotz ville Verbesserungen am Haus ass et net méiglech, dëst Haus zukunftsfaeg ze maachen op eben dësem Site. Wann dat neit Haus, iwwert dat mer haut schwätzen, an e puer Joer faerdeg ass, da gëtt Servior och dëst Altersheim am Stadzentrum op.

Dat anert Haus ass de sougenannte Sanatorium, e Fleegeheem mat ronn 100 Better um Bierg ausserhalb vun der Stad Veianen. Och dëst Haus erfüllt net méi all déi néideg Bedingungen, déi un en Haus gestallt ginn, fir de modernen Ufuerderunge vun der Geriatrie gerecht ze ginn. Et ass grouss, et huet ganz vill Raum, läit awer isoléiert op engem schéine Plateau an ass ofgeschnidde vun soziale Liewen. Jee nodeem wéi déi gesellschaftlech Entwécklung weidergeet an d'Besoiné vun der Ënnerbréngung an der Zukunft sinn, gëtt de Sanatorium méttelfristeg sécher nach gebraucht. A long terme wäert och dëst Haus, wéi den Exposé des motifs et ausseet, eemol ersat musse ginn.

D'Entwécklung an der Altersversuergung geet haut aner Weeër wéi viru Jorzéngten. Dat neit Haus zu Veianen weist duerch säi Konzept op dës Elementer hin, an ech wëll der e puer ernimmen.

Éischtens emol ass feststellen, datt dat neit Haus e Fleegeheem a kee CIPA gëtt. D'Tendenz am Land ass déi, dass méi Fleegeplaze gebraucht ginn, well d'Leit méi laang doheem bleiwen, duerch kompetent Fleegeeservicer doheem ëmsuergt sinn, an eréischt dann an eng Altersstruktur ginn, wann dëst gesondheetlech noutwendeg gëtt.

Mir hunn an der Regioun eng Rei CIPAn a manner Maisons de soins, duerfir dëse Choix. Déi nei Tendenz, déi Servior elo promouvéiert, ass och déi, fir dem Besoin vun Wunnen am Alter duerch sougenannten Appartements encadrés nozekommen, e Puzzlestéck, dat dacks nach feelt an der Rei vun den Offere fir Wunnen am héijen Alter.

Zweet Element: Den Akzent vun der Aarbecht an den Institutiounen fir eeler Leit geet a Richtung vun enger globaler Prise en charge a vun engem Angebot vun Aktivatioun an Erhale vun der maximaler Autonomie. Dëst bedingt awer en anert architektonesch Konzept, aner Raim an aner Ofleef am Haus.

Dat neit Haus ënnerscheet eng Privatzon fir Bewunner - dat ass dee Beräich vun den Zëmmeren, 72 Zëmmer zu jee 18 pro Stack -, déi zweet Zon am Haus ass eng semi-publique - eng Plaz, wou sech d'Bewunner mat de Visiteuren an Invitéé begéinen -, an eng drëtt Zon, eng sougenannt öffentlech Zon, déi Plaz am Haus um Rez-de-chaussée, déi d'Geleeënheet gëtt zum Austausch mat alle Leit, déi an dat Haus kommen an do eng Roll erfüllt vu quasi enger öffentlecher Plaz vum soziale Liewen a vum Austausch.

Weiderhi kënnt an dëst Haus och e Groupe sociogérontologique, andeem sech an engem geschützte Beräich Mënsche mat altersspezifische geeschtegen Aschränkunge bannen am Haus an och baussen an engem Parc kënnen bewegen an den Dag verbréngen.

En anert Element nach: Dat neit Fleegeheem gëtt op engem neie Site gebaut. Et handelt sech ëm en Terrain vun der fréierer Electrolux. Dësen Terrain gehéiert der Gemeng Veianen a gëtt iwwer e Bail Servior zur Verfügung gestallt. Dësen Terrain läit an engem Wunnegebeit. Niewent d'Fleegeheem kënnt och nach en Akafszentrum an domat soziaalt Liewen dohinner, Bewegung an Ofwiesslung an deen Eck vun der Uertschaft.

Och dësen Échange an dës Interaktioun tëschent de Bewunner an hirem Ëmfeld ass wichteg an Deel vum moderne Verständnis vu Gérontologie. Schliesslech beinhalt de Bau nach Raim fir Kinésithérapie, Ergotherapie, Animation, Cafeteria, Entréeshal, Restaurant an all déi néideg technesch a Personalraim. Dat neit Haus gëtt an Terrasseform gebaut an engem lichte Hang, deen et erlaabt, en ënnerierdesche Parking virzegesinn, a verdeelt seng Funktiounen wéi gesot op véier Stäck.

De Statsrot huet a sengem Avis d'Fro opgeworf, wéi de landeswäite Bedarf ausgesäit an op wéi eng Statistik oder Donnée sech dëse Projet berëfft, fir dëst Haus als noutwendeg unzegesinn.

Et bleift dorop nach eemol ze soen, dass mat dësem Projet d'Zuel vun de Better laangfristeg net erhéicht gëtt, dofir awer d'Qualitéit vun der Ënnerbréngung wesentlich verbessert gëtt. Och wann de Sanatorium nach eng Zäit viru sech huet an als Puffer oder Noutfallënnerbréngung muncht Leed am akute Fall kann opfänken, esou wäert och dëst Haus laangfristeg anescht ze orientéiere sinn. Dat muss een an deem Moment a virun deem Hannergrond vun deem Moment a vun de Besoiné gesinn.

Et sief awer och gesot, dass mer zu Lëtzebuerg an de leschte Joren effektiv eng ganz Rei nei Haiser oder Vergréisserunge gebaut hunn. Eis Familljeministerin huet e positive Bilan opweises mat alle Projeten. Eleng am Norde sinn et Réiden, Wolz, Clierf, Éiwen, Dikrech, Ettelbréck an elo och Veianen, déi nei Infrastrukture kritt hunn oder se am Bau hunn.

Fir de Bedarf vun Alters- a Fleegeheems-better feststellen, geet et awer och net duer, sech un enger europäescher Vergleichstatistik ze orientéieren, well dat géif jo heeschen, dass mer d'Prozentzuelen aus dem Ausland géifen dohinnerstellen als déi Zuelen, déi den Optimum géifen duerstellen. Eis Zuele leie méi héich.

Mir kennen aus der Vergaangenheet awer d'Suerg vu Mangel u Better, u laange Waardelëschten a souguer um Wunnen a privaten Altersheimer an noen Ausland. Dat ass haut net méi néideg, dank den enormen Efforten déi gemaach gi si vun allen Acteuren an dësem Beräich. De Bedarf muss sech dem Besoin upassen, an dee wäert net séier erfogoen, well eben och méttelfristeg déi gebuertsstaark Nokrichsgeneratiounen lues a lues an den Alter kommen.

De Statsrot recommandéiert da weider, en Energieaudit bei Neibauten ze maachen, fir sécherzestellen, dass de Stat och déi beschten Technik bezilt. Dëst Haus ass esou geplangt, dass et dräifach Verglasung kritt, Lüftung mat Wärmerückgewinnung, Dimmere vun de Luuchten, Bewegungsmelder, Fotovoltaik um Daach, Reewaassernotzung an eng performant thermesch Isolatioun. Hei huet Servior d'Zeeche vun der Zäit voll a ganz erkannt, respektéiert a gesicht, den Energieverbrauch niddreg ze halen.

Dëse Projet ass also richteg a wichteg. Hie verbessert d'Wunnungskonditiounen vun de betraffene Leit, garantéiert Sécherheet a Komfort, an erlaabt et, aus klengen Raimlechkeeten an nei zäitgeméis Raim ze plënnere, déi den Uspréch vun de Mënsche gerecht ginn. Als Illustratioun vun deenen Uspréch, déi jo och eis Uspréch sinn, wa mir eemol do era plënnere, kann een indikativ den Internetuschloss an all Zëmmer ernimmen.

Mir bleift just alle bedeelegte Merci ze soe fir déi Méi, déi si an dëse Projet gestach hunn: der Gemeng Veianen, der Familljeministerin an hire Mataarbechter, dem Établissement public Servior, an alle Büroen an Ingenieuren, déi schonn heirunner geschafft hunn; a mir bleift den Accord ze gi vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

]] Plusieurs voix.- Très bien!

]] M. le Président.- Merci, Hâr Rapporteur. Den honorabelen Hâr Etgen...

]] Une voix.- Très bien!

]] M. le Président.- ...wëllt zu dësem Projet och schwätzen.

Discussion générale

]] M. Fernand Etgen (DP).- Hâr President, léif Kollegeinnen a Kollegen, mat dem virleiende Projet de loi soll et dem Stat erméiglecht ginn, fir sech finanziell um Bau vun enger neier Maison de soins zu Veianen ze bedeelegen.

De Bau vun esou enger neier moderner, zäitgemësser Struktur ass dringend néideg. De Moment gëtt et zu Veianen en Alters- an e Fleegeheem. D'Altersheim ass vereelt a läit matzen am historesche Kär vu Veianen; een Émbau ass duerfir net méiglech.

D'Demokratesch Partei begréisst ausdrécklech d'Schafe vun engem neie Fleegeheim zu Veianen. Veianen ass schonn eleng opgrond vu senger Lag hier exzellent derfir géeeigent. D'historescht Dierfchen am Éislek zeechent sech duerch eng héich Liewensqualitéit, eng intakt Natur a performant Infrastrukturen aus. Duerch de Bau vun der neier Maison de soins gëtt och de Rôle vu Veianen als CDA weider gestärkt an ënnerstrach.

D'Fro, déi sech an dësem Kontext stellt, ass déi vun der Notzung vun den ale Gebaier. Gëtt et do scho konkret Pläng? Ass do scho mat de Responsabele vun der Veianer Gemeng Kontakt opgehol ginn? Soll de Sanatorium virun a Betrib bleiwen oder als Puffer dëngen, wéi de Rapporteur Jean-Paul Schaaf suggeréiert huet? Dëst si Froen, déi ee bei aller Euphorie fir de virleiende Projet net däréi aus den Ae verléieren.

Hâr President, mir wëssen, datt eis Gesellschaft ëmmer méi al gëtt. Et ass effektiv esou, datt d'Leit ëmmer méi al ginn, datt d'Alterspyramid op der Kopp steet an datt mir haut 4-mol méi Leit iwwer 65 Joer hunn, wéi dat nach virun 100 Joer de Fall war. Dat huet dozou gefouert, datt mer eng ganz Rei vu Waardelëschten hunn an eise Strukturen, fir eeler Leit opzehuelen, sief et an eise CIPAn, sief et an de Maisons de soins uechtert d'Land.

De Fait, datt mir am Duerchschnitt ëmmer méi al ginn, huet dozou gefouert, datt zu engem gewëssen Zäitpunkt ganz vill eeler Leit hu missen an d'Ausland op Strukturen zréckgräifen, wat mat Sécherheet keng glécklech Situatioun ass. Mä och innerhalb vun eisem dach klengen Land hu vill Leit missen an eng aner Regioun goen, wou se nach ofgeschnidde ware vun hirem normalen Encadrement vun deene Leit, déi se kannt hunn, vun hirer Famill, an och dëst ass eng Entwécklung, déi alles aneschtens wéi begrëssenswäert ass.

Duerfir ass et ze begrëssen, datt dësen Nohuelbedarf zu engem ganz groussen Deel an deene leschte Joren duerch verschidden nei Infrastrukturen oder awer och Vergréisserung vu bestehenden Infrastrukturen opgeschafft ginn ass.

Mä an Zukunft wäert den Trend vun der klammender Liewenserwaardung selbst-



verständlech net ofhuelen. Au contraire, den techneschen an de medezinesche Fortschrëtt wäerten dësen Trend nach weider verstärken. Sou wäerten dann an deene kommende Joren héchstwahrscheinlech nach eng Rei vun Transformatiounen a Realisatiounen an dësem Beräich op den Instanzewee bruecht misse ginn.

D'Efforten am Beräich vun de CIPAn oder de Maisons de soins musse konsequent virugefouert ginn. Dës Efforte wäerte mir als Demokratesch Partei och an Zukunft ganz kloer ënnerstëtzen.

Här President, wann an der Chamber iwwer esou Projete wéi dee Virleiende geschwat gëtt, da geet et meeschtens ëm de Baute-projet, dat heescht ëm d'Infrastrukturen, déi geschafe ginn. D'Infrastrukturen eleng sinn a kënne awer nëmmen een Element an der Betreierung vun eelere Leit duerstellen.

Mir brauchen, wat d'Betreierung vun eelere Mënschen ubelaangt, ee ganze Mix u Mesuren. Dat sinn op där enger Säit Infrastrukturen, dat sinn awer parallell derzou och Servicer an Hëllefleeschtinge fir d'Leit doheem. Soulaang d'Leit doheem eleng oder an der Famill kënne betreit ginn an doheem eleng eegestänneg hiert Liewe kënne féieren, solle mer dat och als eng vun de Pisten opzezeichnen, deene mer sollen nogoen an déi mer solle méiglech maachen.

Gläichzäiteg wëll ech och nach eng kéier ënnersträichen, datt Projete wéi deen, iwwert dee mer elo grad diskutéieren, awer och aner Servicer, déi ugebuede ginn, sécherlech derzou bäidroen, datt ëmmer méi Leit hei am Land hire Liewensowend an Dignitéit kënne verbréngen. Dat ass eppes, mengen ech, wat vu jiddwerengem hei am Haus nëmme ka begréisst ginn.

Här President souwäit ech dat konnt novollzéien, hate mer hei am Haus ëmmer Unanimitéit bei Projete wéi deem vun haut. Dëst, well jiddweree vun der Noutwendegkeet vun esou Institutiounen iwwerzeegt war an ass. Mir sollten awer selbstverständlech, wéi virdru scho gesot, virufueren ze kucken, wat an deene Servicer wéi d'Aide à domicile, wéi Betreit Wunnen, wéi Seniorewunn-gemeinschaft nach ka gemaach ginn, fir d'Liewe vun deenen eelere Leit, déi emol méi oder och manner op Hëllef ugewise sinn, méi einfach a méi liewenswäert ze maachen.

Mir sollte kucken, fir parallell zum Opbau vu modernen a performante Strukturen dës Hëllef weiderzeentwéckelen, virun auszebauen an och vun de Kenntnisser ze profitéieren, déi et an deem Domän am Ausland gëtt.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Jean-Paul Schaaf, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Schneider, wann ech gelift.

» M. Romain Schneider (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif ufänke mat deem, mat deem de Fernand Etgen opgehalen huet, a fir d'éischt dem Rapporteur, dem Jean-Paul Schaaf, e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a virun allem och säi mëndleche Rapport, wou en net nëmmen op d'Gebai u sech, mä awer och op d'Philosophie vun der Betreierung an dëser Maison de soins zu Veianen agaang ass.

Déi nei Maison de soins, déi also op dem Terrain vun der fréierer Electrolux - op engem Deel dervun - zu Veianen wäert stoe kommen, ass ee weidere Schrëtt, e weidere Puzzle, mengen ech, an der Kreatioun vun Haiser an der Betreierung vun eeleren, vu kranke Leit. Et ass vill an deene leschte Jore geschitt. De Jean-Paul Schaaf an och de Fernand Etgen hunn eng Rei vun dëse Projeten opgezielt.

Dat ass och gutt esou, well mir alleguer wëssen aus dem Familljekrees, awer och aus dem noen Ëmfeld, datt mer ganz dacks d'Situatioun haten, datt d'Leit op eemol séier hu missen aus der Klinik eraus an hu missen an d'Fleeg goen, an da ganz dacks souguer hu missen am Ausland eng Plaz sichen. Dat sinn net ganz agréabel Momenter. Ech hu se selwer erlieft, dofir weess ech wouvun ech schwätzen.

Dofir ass et gutt, datt an deene leschte Joren honnerte vu Better kreéiert goufen, fir eng korrekt, eng gutt Fleeg ze maachen, an an engems, mengen ech och, an d'Zukunft gekuckt gëtt an och déi Prise en charge adéquate niewent enger gewësser Autonomie, déi soll bestoe bleiwen, sech an dee-

nen neien Haiser erëmfënnt. Och dat fënnt sech an deem neien Haus hei zu Veianen erëm, wou 72 Better an derniewent och e Foyer du jour vun zwielef Leit wäert entstoen, fir also eng gutt Betreierung och am ieweschten Deel vum Norde vum Land ze garantéieren an nei Plazen ze aménagéieren.

De Käschtepunkt dervun, wou de Stat jo 70% dréit, dee sech fir de Stat also op ongeféier 12,9 Milliounen Euro beleeft, ass ee Käschtepunkt, dee gutt investéiert ass an d'Betreierung vun eisen eelere Leit.

Déi Froen, déi opgeheit sinn, erlaabe mir och zum Schluss ze kommen, well dat Meescht, wat den technesche Volet ubetrëfft, säitens vum Rapporteur gesot ginn ass. Et sinn déi zwou Froen effektiv:

Éischstens: Wat geschitt ma deem fréiere Klouschter a Veianen selwer?

An dann zweetens eng Fro, op déi allerdéngs schonn de Jean-Paul Schaaf selwer geäntwert huet: Wat geschitt mat de Raimlechkeeten um sougenannte Sanatorium? Do mengen ech kann an Zukunft, wéi gesot, nach e bëssen eng Reserv gehale ginn, fir also och nach wirklech e Puffer ze hunn, wa wirklech an Zukunft dréngend Fäll gebraucht ginn.

Mä et kéint een eventuell eng éischt Äntwert, wa se do läit, op virun allem déi éischt Fro stellen, wat mat deene Raimlechkeeten am fréiere Klouschter a Veianen selwer geschitt.

Soss derbäi ze soen, mengen ech: Et ass esou, datt dëse Projet, wéi och all déi aner Projeten, déi am Kader vun der Kreatioun vu Fleegebetter geleescht goufen, vun eiser Fraktioun, der LSAP, ënnerstëtzt gëtt an dofir och eisen Accord wäert fannen.

Ech soe Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Schneider. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs, Responsabel fir de Projet iwwert d'Maison de soins vu Veianen, huet elo d'Wuert.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat geet jo hei mat 200 à l'heure. Ech géif wëlle fir d'éischt hei dem Jean-Paul Schaaf e grouse Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen e gemaach huet an deen och dofir all deenen anere Riedner a mir selwer et méi einfach mécht a mir net brauchen nach laang eng kéier alles vu vir bis hannen ze erklären. Dat wor esou explizit.

Ech denke virun allem, datt et haut fir d'Stad Veianen a fir hir Awunner...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...eng grouss Freed ass, datt se wëssen, datt dee Projet gestëmmt gouf. Mir haten d'Geleeënheet e virun engem Mount oder sechs Wochen zu Veianen ze presentéieren, a wou eng ganz grouss Demande do war vun de Leit, fir kënne do eranzekommen, wou mer awer gesot hunn: Elo ass et emol eréischt en Avant-projet an elo muss fir d'éischt nach de Projet gestëmmt ginn, da muss e gebaut ginn, an da kënnt Der eréischt erakommen. Et ass also net fir iwwermuer, wou een elo kann zu Veianen an déi nei Maison de soins goen.

E ganz schéine Projet, wann een e gesäit, an Dir hutt en an Ärem Dossier dran. A wou mer wirklech och ëmmer erëm bei all deenen neie Projeten, déi kommen, ob dat Servior ass oder ob dat déi aner Träger sinn, kucken, datt och deenen neisten Erkenntnisser selbstverständlech och aus dem Ausland Rechnung gedroe gëtt, wat d'Innenleben ubelaangt. An do ass et ewell richtig, wat den Här Etgen gesot hat, datt et net nëmmen duergeet, datt een d'Mauern huet, mä datt een och muss kucke wat bannendra geschitt, an datt et och net nëmmen duergeet, fir Haiser ze bauen, mä datt een och muss déi Servicer, déi niewendrun alleguer bestinn, kucken.

Wann ee gesäit wivill Autoen duerch d'Lëtzebuerger Land fuere vun all deene Servicer, vun Hëllef Doheem, vun HELP a vun all deenen Organisatiounen, da gesäit een, datt sech do och Enormes gedoen huet an deene leschte Joren, a wou een och wirklech e Changement an der Mentalitéit vu de Leit gesäit, déi éischter nach wëllen an deenen nächste Joren an enger Zwëschene-tapp an ee Logement encadré goen an duerno dann éischter an eng Maison de soins, wéi dat an deene vergaange Joren de Fall war.

Dofir mussen och alleguerten déi Servicer mat ausgebaut ginn an och mat ënnerstëtzt

ginn. Ech denken, datt mer, souwäit wéi dat an eise Méiglechkeete war, an deene leschte Joren deem Rechnung gedroen hunn. Mir hunn zu Lëtzebuerg méi Better elo ewell, prozentual gesinn, wéi soss iergende Land der huet. Mir hunn awer nach ëmmer méi Nofro. Dat erkläert sech natierlech doraus, datt mer op där enger Säit eng generéis Assurance dépendance hunn, op där anerer Säit och den Accueil gérontologique, fir déi Leit, déi sech et net kënne leeschten, fir an esou Haiser kënne ze goe mat hirer Penssioun. Vun do, mengen ech, datt dat och richtig ass, datt mer eis alleguerten déi Méiglechkeeten opgemaach hunn.

Ech denken awer och, datt dat, wat ronderëm ass - an dofir sinn ech och frou, datt de Buergermeeschter vu Wolz elo grad geschwat huet -, dass mer och amgaang sinn en neie Club senior zu Wolz ze grënnen, d'nächst Joer hiert grousst schéint neit Haus wäert opgoen an domadder wirklech...

De Jean-Paul Schaff huet déi opgezielt, déi do uewen am Norde sinn, mä iwwert d'Land hu mer dat selbstverständlech gemaach. Et ass net nëmmen am Norden, wou esou vill där Haiser gebaut si ginn, mä si si generell iwwert d'Lëtzebuerger Land. Dofir héiert Der och haut net méi déi Kritiken, déi et virun enger Rei vu Jore goufen, wa Leit op eng Plaz gewaart hunn.

Op déi Froen, wat mat deenen zwee aneren Haiser géif geschéien, ass déi éischt wat dat Haus ass, wat ëmmer nach de Sanatorium heescht. Do ass et esou, datt mer, wéi gesot, et jo nach déi nächste Joren net brauchen, well dat anert Haus och net fäerdeg ass, mä awer och dann duerno kucke wéi wäit datt een dat nach virun dofir ka gebrauchen.

Wat de CIPA am Zentrum vu Veianen ubelaangt, soubal wéi mer woussten, datt mer hei op deen heite Wee géife goen, hu mer der Domäneverwaltung - well dat si si, deenen déi Haiser gehéieren; et ass net Servior, deem dat Haus gehéiert, mä dem Stat, wou et gehéiert - gemellt, datt mer dat Haus an absehbare Zäit net méi géife brauchen an datt elo gekuckt gëtt, wat kann dra kommen op touristeschem, op kulturellem oder op wéi engem Plang. Mä op jidde Fall ass et ganz kloer, datt dat net méi ka virun dann nach genotzt ginn als Centre intégré, well et awer haut net méi deene Konditiounen entsprécht vu Komfort, déi mer mëttelweil gewinnt sinn an deene verschiddenen Haiser.

Ech wëll awer just soen, datt d'Mauern - an dat ass hei gesot ginn - net alles ausmaachen. Mir hunn eng ganz Partie vu Leit, déi an Zwëschenzäit emol kënne jo oder wieselen. Fréier duerft een dat jo net. Wann een dann an engem Haus war, huet ee mussen do bleiwen. Haut kann een och wiesselen à l'intérieur vun deene verschiddenen Haiser vu Servior. An ech mierke ganz dacks, datt Leit, déi op Veianen kommen, och wa se aus der Stad sinn oder wa se vun Esch sinn, nach d'Méiglechkeet géife kréien, fir kënne méi no bái ze kommen, dat net wëllen, well se sech esou gutt do spieren a well se fannen, datt se esou gutt do versuergt sinn, datt se léiwer géifen do bleiwen, och wann dat fir hir Familljen heiansdo méi komplizéiert ass.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech wirklech jiddwerengem wëlle Merci soen, dee gehollef huet derzou bäidroen, datt mer och dee Projet elo nach hei gestëmmt kréien. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dat en hëlleft och deene Leit vu Veianen an do aus der Ëmgéigend, dass se kënne ënnert deeneselwechte gudde Konditiounen opgeholl gi wéi anerer.

Merci villmools.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen zur Ofstëmmung. De Vote fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. Madame Minister, Äre Projet ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Thiel), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marc Spautz), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Nancy Arendt), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass deen iwwert de Cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes. De Rapporteur ass hei den honorabelen Här Clement, an deen huet och elo d'Wuert.

## 5. 5984 - Projet de loi modifiant la loi du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

**Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement**

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir adaptéiere mat dësem Gesetzestext, deen de Mëtzelstandsminister Fernand Boden den 28. Januar 2009 hei an der Chamber déposéiert huet, d'Kadergesetz fir de Lëtzebuerger Mëtzelstand aus dem Joer 2004, an dat op zwee prezise Punkten.

Agangs wëll ech awer ënnersträichen, datt dat Kadergesetz eng ganz grouss Wichtegkeet huet fir de Lëtzebuerger Mëtzelstand, well et deene Kleng- a Mëtzelbetriber et méiglech mécht, fir sech permanent der technescher an der wirtschaftlecher Entwécklung unzepassen, an deemno och fir méi konkurrenzfähg ze gi respektiv méi konkurrenzfähg ze bleiwen, hei zu Lëtzebuerg, awer och an der Groussregioun.

Konkret geet et am virleienden Text drëms d'Artikelen 2 a 7 aus dem 2004er Gesetz ofzeänneren. Ech erënneren drun, datt den aktuellen Artikel 2 d'Bäihellefe fir korporell an net korporell Investissementer, wéi zum Beispill Breveten a Lizenzen, virgesäit. D'Intensité brute maximale vun den Hëllef läit momentan bei 7,5% fir Kleng- a Mëtzelbetriber a bei 15% fir déi kleng Betriber.

Duerch de virleiende Gesetzestext ginn d'Plaffonge vun dësen Hëllef an d'Luucht geschrauft op maximal 10% fir PMEen, an op 20% fir déi kleng Betriber. Et handelt sech heibäi ëm eng dach substanzuell Hausse, déi sécherlech positiv Auswierkungen op d'Grënnung an d>Weiderentwécklung, zur Produktivitéit vun eise Kleng- a Mëtzelbetriber wäert hunn. Et ass och e wichtegt Zeeche säitens der Regierung un d'Betriber, fir dach awer weider ze investéieren, fir weider ze moderniséieren, virun allem an Zäite vun enger wirtschaftlecher Schiflag, esou wéi mer se haut kennen.

Här President, et gëtt och eng Zäit no der Kris, an dann hunn déi Betriber d'Nues vir, déi kee Stëllstand haten an déi och weider investéiert haten, an dofir dann och besser opgestallt sinn, wann et drop ukënnt. Stëllstand ass gläichzestelle mat engem gewësse Réckschrëtt.

Deen aneren Artikel, deen ofgeännert ginn ass, wéi ech schonns virdru gesot hunn, ass